# Appel à projets „Gitt dobaussen aktiv“

**Projet Trëppeltour vun der Maison Relais vun Ell**

An dësem Projet kreéieren d'Kanner en interaktive Wanderwee an der Gemeng, fir dee si d’Responsabilitéit iwwerhuelen. Si markéieren de Wee mat der Hëllef vu Äscht a selwer gemaachte Smileyen. Am Ufank vum Wee bidden d’Kanner de Benotzer e Panneau mat Erklärungen zum Wee a verschidden Aktivitéiten, fir de Wee interaktiv ze notzen. Zousätzlech sinn d'Kanner verantwortlech fir de Wee propper ze halen. Op dës Manéier léieren d'Kanner Verantwortung an der Gemeng an fir hir Ëmwelt ze iwwerhuelen. Zudeem kënnen d’Kanner hiren Elteren de Weekend de Wee weisen, woduerch d’Elteren als Benotzer Deel vum Projet ginn.



Wann Dir wëllt méi iwwert dëse Projet gewuer ginn, da kënnt Dir hinne gären eng Mail schécken MaisonRelais@Ell.lu .

**Suivi vum Projet (Text a Fotoen vun der Maison Relais Ell) :**





Mir ware fir déi éischte Kéier mat de Kanner an de Bësch fir de Wee opzebotzen.





D'Kanner hunn sech dozou entscheet hiren Trëppeltour « FRÄSCHEWEE » ze nennen, well eis Maison Relais sech « um Fräschepillchen » befënnt.















Si hunn ugefaangen d’Fräschen ze molen, déi herno laanscht de Wee gesat gi fir de Wee ze markéieren.








Si hunn och fläisseg am Holzatelier d´Brieder ofgeschlaff an ugefaangen se ze molen.







Dëse Sproch hunn d´Kanner sech afale gelooss fir de Leit matzedeelen dat den Dréck net an d´Natur gehéiert.






D'Kanner schreiwen een Artikel fir de Projet vum Trëppeltour an der nächster Gemengenzeitung virstellen.





Mir waren an de Bësch fir Pottoe fir eis Weeschëlder ze maachen.









Mir hun de Wee weider opgebotzt.







Mir hunn d’Pottoen dekoréiert.





Eist éischt Schëld « Fräschewee » ass fäerdeg.




D’Vullenhäisercher sinn ugestrach ginn.



Et ass fläisseg Holz ofgeschlaff ginn.

An der Tëschenzäit si vill flott Saachen entstanen, déi ee spéider um Wee begéint.

Mir sinn op Stengefort an de Mirador  gaange, wou mir 2 Fudderstatioune fir Kaweechelcher gebaut hunn.


EVERYDAY


Reebok


Reebok

D’Preparatioune fir d’Aweiung vum « Fräschewee » lafen 😊

